



N°4912  
Reçue le 27.08.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, 27.08.2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech  
lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir  
Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

D'ZDF-Format *Frontal* huet viru kuerzem eng Reportage iwwert d'Datesammlung vum  
amerikaneschem Autoshiersteller *Tesla* verëffentlecht. Am Reportage genannt "*Datenkrake  
Tesla. Das Auto als Spion*" gëtt erkläert, dass den Auto an engem konkrete Fall en  
accidentéierte Chauffeur a seng Bäifuererin beim Eraklammen an den Auto gefilmt,  
d'Notzung vu Gas a Brems während der Faart gespäichert a souguer d'Pompjeeën, déi nom  
Accident um Auto geschafft hunn, gefilmt huet. All dës Date goufen op der Festplatt vum  
Auto gespäichert an un d'Servere vum Hiersteller iwwermëttelt. D'Police konnt nom  
Accident op des Daten zréck gräifen. "*Der Tesla hat sozusagen seinen eigenen Fahrer  
verpiffen*", heescht et am Reportage vun der Staatsanwaltschaft Berlin.


An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Police Grand-Ducale besëtzt 2 Elektroautoe vum amerikaneschem Hiersteller.  
Gesäit d'Regierung an dëser Aart vun Datesammlung ee Sécherheitsrisiko fir  
d'Policeaarbecht?
2. Laut der Äntwert op d'Fro n°4227 huet och ee Regierungsmember een 100%-  
Elektroauto. Handelt et sech bei dësem och ëm een Tesla?  
Falls jo, gesäit d'Regierung an dëser Aart vun Datesammlung ee Sécherheitsrisiko fir  
de betrouffene Minister/déi betrouffene Ministesch? Gesäit d'Regierung an deem Fall  
d'Vertraulechkeet vun den Aktivitéite vun der Regierung geschützt?
3. Wéi steet d'Regierung dozou, dass och d'Hëllefer (Rettungsdéngschter, Pompjeeën,  
Passanten,...) nom Accident op Video opgezeechent goufen?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

Déclarée recevable  
Mat derwen Respekt,  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, 27.08.2021



GOERGEN Marc  
Député

